LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

**Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko Backes, dem Inneminister, Léon Gloden an der Justizministesch, Elisabeth Margue op d'parlamentaresch Fro n°4541 vum 24 Juli 2026 vun der honorabeler Deputéiert Taina Bofferding**

1.) **<u>Wéi beurteelt d'Regierung déi iresch Initiativ vun engem publicke Strofregëster fir Auteure vun haislecher Gewalt?</u>**

Mir deele vollstänneg d'Zil vun der irescher Initiative, datt den Afferschutz eng Haaptprioritéit an der Bekämpfung vun der haislecher Gewalt ass. Lëtzebuerg verfollegt haut schonn en ëmfaassenden an interdisziplinären Usaz, deen op den zentralen Elementer vum Afferschutz, der Responsabiliséierung vun Täter an d'Sensibiliséierung vum Grand Public baséiert.

Lëtzebuerg verfüügt aktuell iwwert en etabléierte gesetzlechen an operationelle Kader, dee kontinuéierlech weider gestäerkt gëtt, ënnert anerem duerch déi strategesch Moossnamen, déi am éischten Nationalen Aktiounsplang géint geschlechtsbaséiert Gewalt (PAN-GBV) festgehale sinn, deen 2025 virgestallt ginn ass (https://mega.public.lu/dam-assets/fr/publications/pan-violences-genres.pdf).

D'Stäerkung vum Afferschutz an d'Täteraarbecht stellen dobäi zwou kloer identifizéiert Prioritéiten duer, déi enk matenee verbonne sinn. Eng konsequent an effikass Täteraarbecht ass e wesentleche Bestanddeel vun engem nohaltegen Afferschutz.

2.) **<u>Wéi steet d'Regierung par Rapport zu der Aféierung vun esou engem Regëster zu Lëtzebuerg?</u>**
3.) **<u>Falls d'Regierung net wéilt op de Wee vun sou engem Regëster goen, duerch wei eng Mesure gedenkt se géint haislech Gewalt zu Lëtzebuerg virzegoen?</u>**

<u>Äntwert op d'Froen 2. an 3.</u>

D'Prioritéit vun der Regierung läit aktuell op der konsequenter Ëmsetzung vun den 62 Mesuren aus dem PAN-GBV, fir den nationalen Dispositif souwuel um prozeduralen ewéi och um gesetzlechen Niveau weider ze stäerken. Och d'Transpositioun vun der Direktiv iwwer geschlechtsbaséiert Gewalt wäert dozou bäidroen, den nationale System konsequent weiderzeentwéckelen, notamment am Beräich vum Afferschutz an der Täteraarbecht, awer och wat d'Gouvernance, d'Formatioun an d'Sensibiliséierung ugeet.

Am Kader vun der Ëmsetzung vun deene Mesurë vum aktuelle PAN-GBV ginn natierlech och all nei Initiativen aus anere Länner op hire méigleche Méiwäert consideréiert.

Dobäi setzen zousätzlech Instrumenter, also och d'Aféierung vun engem Regëster, wéi en an Irland besteet, déi néideg Analysen a Consultatiounen, notamment am Kader vum

*Comité de coopération entre les professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence* an dem *Comité interministériel violences fondées sur le genre* viraus. Konkret Moossnamen, déi dës Regierung dann am Kader vum aktuelle PAN-GBV schonns ëmgesat huet oder am Gaang ass ëmzesetzen, fir den Afferschutz an d'Täteraarbecht ze stäerken, sinn ënnert anerem:

- D'Erweiderung vum nationale System fir eng holistesch Prise en charge an Ënnerstëtzung vun Affer vu Gewalt duerch d'Grënnung vum *„Centre National pour Victimes de Violence"* (CNVV). Den CNVV ass zënter dem 1. Mee 2026 7 Deeg op 7, a 24 Stonnen op 24 Stonnen op a bitt all den Affer vu Gewalt eng duerchgehend Prise en Charge un;
- Eng Etude iwwert Täter vun haislecher Gewalt, déi et erlabe wäert, den Dispositif vun der Täteraarbecht duerch preventiv a kurativ Moossnamen, souwuel um operationellen ewéi och um gesetzlechen Niveau, weider ze stäerken;
- D'Aféierung am Service de Police Judiciaire viru méi wéi engem Joer vun enger spezialiséierter Unitéit fir den Afferschutz. Dës Unitéit konzentréiert sech besonnesch op haislech Gewalt, Bedrounge vun der kierperlecher Integritéit oder Gefor fir d'Liewen, esou wéi och Mënschenhandel. Fäll mat héijem Gewaltrisiko sollen esou méi fréi an onofhängeg vun der geriichtlecher Ermëttlung entdeckt kënne ginn. No enger Risikobewäertung kënne konkret Schutzmoossnamen ëmgesat ginn, fir eescht Verbrieche géint Persounen ze verhënneren.
- Adaptatioune vum Strofgesetz fir Phänomener wéi de "contrôle coercitif" ze erfaassen an esou dës Forme vu psychologescher a wirtschaftlecher Gewalt bestrofen ze kënnen.

Fir déi vill aner Mesuren, déi dës Regierung am Kampf géint geschlechtsbaséiert an haislech Gewalt ëmsetzt, sief dann op den Aktiounsplang an op d'Äntwerten op viregt parlamentaresch Ufroe verwisen.

Lëtzebuerg, den 17. September 2026

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes